

L17

Zesumme
fir Leideleng



Wahlprogramm

Programme électorale p.12





L17

Zesumme
fir Leideleng

1. Mobilitéit

Den öffentliche Transport muss gläichberechtigt mam Individualverkéier funktionnéieren. Mir wëllen duerfir eng ganz Rei vu Mesuren ëmsetzen, fir d'Verkéiserssituatioun zu Leideleng ze verbesseren. Fir d'Leidelenger Awunner soll et awer och weiderhin keng Restriktioun ginn, wat d'Notzung vum Auto ubelaangt.

1.1 Aféiere vun enger Navette tëscht der Leidelenger Gare, dem Duerf an den Aktivitéitszonen

- Dësen Trajet gëtt aktuell vun der Linn 226 assuréiert, déi an de Spëtzenstonden duerch den Trafic extrem onpünktlech ass, well se nach duerch Bartreng, d'Cloche d'Or an den Houwald fiert.
- D'Leidelenger Gare soll méi attraktiv gemaach ginn duerch eng kleng Navette déi just innerhalb vu Leideleng zirkuléiert.
- Sou ass garantéiert, dass ee pünktlech op der Gare ukënnt.
- Dëst ass net nëmmen attraktiv fir déi Leidelenger Bierger, mee och fir d'Leit déi an den Aktivitéitszone schaffen.
- Duerch de neien Arrêt Pont Rouge an der Tram-Linn vun do bis bei d'Luxexpo, wäert ee bannen 20-25 Minutten de ganze Kierchberg vun der Leidelenger Gare aus erreeche – vill manner laang wéi een an de Spëtzenstonne mam Auto brauch.
- D'Linn 226 soll och weiderhi bestoe bleiwen.

1.2 Verlängerung vum Tram bis op Leideleng-Edeleck

- D'Realisatioun vun der Tram-Linn Cloche d'Or – Leideleng ass am aktuelle „Plan sectoriel transports“ (PST) vun der Regierung virgesinn.
- Eiser Meenung no, ass dat déi eenzeg Méiglechkeet fir d'Verkéisersproblematik an den Aktivitéitszonen an domadder och am Duerf ze léisen.
- Rezenten Aussoe vum Transportminister François Bausch no, kéint amplat vum Tram awer och e „Bus à haute capacité“ réaliséiert ginn, wat dozou féiere géif, datt een op der Cloche d'Or misst ëmsteigen.
- Mir setzen eis duerfir an, dass den Tram bis op Leideleng-Edeleck verlängert gëtt a mat der Realisatioun 2021 an net eréischt 2030 ugefaange gëtt. D'Verkéisersproblematik muss esou séier wéi méiglech geléist ginn!

1.3 Aféiere vun engem Late Night Bus

- Freides a Samschdes soll och no Mëtternuecht eng Verbindung vun der Stad bis an d'Gemeng assuréiert ginn, dëst an Zesummenaarbecht mat enger Nopeschgemeng.
- Bei gréisseren Evenementer (Piccadilly, Fuesbaler, Studentebaler, etc.) soll eng Busverbindung op Leideleng réaliséiert ginn, esou wéi dat a villen anere Gemenge schonns de Fall ass.

1.4 Installéiere vun Echtzäit-Anzeigen op de Bus-Arrêten

- Wéi an der Stad, sollen d'Bus-Arrête mat Echtzäit-Anzeigen equipéiert ginn, wou een op d'Minutt gesäit, wéini de nächste Bus kënnt.
- Esou weess een och an de Spëtzenstonden, wou d'Busser oft Retard hunn, wéi laang een nach waarde muss.

1.5 Uschloss un de VdL-Vel'oh's-Reseau

- Realisatioun vun enger duerchgoender Vëlospiste vun der Gemeng iwwert d'Rue de Cessange, laanscht d'Aktivitéitszonen Am Bann a Grasbësch bis op Zéisseng-Kuelebieng.
- Installéiere vu Vel'oh's-Stationne bei der Gemeng, an der Zéissenger Strooss, an den Aktivitéitszonen an um Kuelebieng zu Zéisseng
- Ab 2018 wäerten och E-Bikes an der Stater Vel'oh's-Flotte disponibel sinn, wouduerch och länger Strecken, wéi déi vun der Gemeng bis an d'Stad komfortabel zeréckgeluecht kënnen ginn.
- An enger zweeter Phase soll eng Vëlospiste vu Leideleng-Edeleck bis op d'Cloche d'Or réaliséiert ginn, dëst zäitgläich mat der Realisatioun vun der Tram-Linn op Leideleng.



2. Infrastruktur

Erëm Liewen an den Duerfkär ze kréien ass eng vun eisen Haaptprioritéiten. Erreecht gi soll dëst duerch d'Ëmgestaltung vum Duerfkär zesumme mat de Bierger. Donieft zielen och d'Realisatioun vum CIPA bei der Villa Eugénie, esou wéi d'Fäerdgestellung vun der zweeter Phase vum Projet „Nei Schoul“ zu eise Prioritéiten. A punkto Verkéisersberouegung proposéiere mir eng Rei Mesuren, déi dozou bäidroen sollen, d'Verkéisers- a Parkproblematik an de Grëff ze kréien.

Eng Ëmgengungsstrooss fannt der an eise Programm net. Viru Joren gouf et zwar e Projet vun enger Ëmgengungsstrooss fir Leideleng, déi d'Lëtzebuurger Strooss entlaascht hätt. Wéi mer awer vun offizieller Säit confirméiert kruten, ass mëttelfristeg net un d'Realisatioun vun dësem Projet ze denken.

2.1 Realisatioun CIPA bei der Villa Eugénie

- D'Realisatioun vum „Centre intégré pour personnes âgées“ bei der Villa Eugénie ass eng vun eise Prioritéiten, vu dass schonns ganz laang iwwert dëse Projet diskutéiert gëtt.
- Wann een Zëmmer fräi ass, sollen déi Leidelenger Leit Virrecht doropper hunn.

2.2 Realisatioun vun der zweeter Phase vum Projet „Nei Schoul“

- Déi zweet Phase vum Projet „Nei Schoul“ soll réaliséiert ginn, soubal steigend Awunnerzuelen dëst néideg maachen.

2.3 Kreatioun vun enger „Zone de Rencontre“ am Duerfkär

- Verkéisersberouegt Zone / “Shared Space” (z.B. mat Bänken a Bamalléeën)
- Reamenagement vun der Place du Lavoir
- Well dee Projet d'Ausgesinn an d'Liewensqualität vun eise Duerf staark prägen wäert, wëlle mer hei all interesséierte Bierger d'Méiglechkeet gi matzediskutéieren a seng Iddien anzebréngen. Mir imposéiere keen hannert zouenen Diere fäerdeg ausgeschaffte Projet.
- Dat versti mir ënner enger moderner Gemengepolitik déi mat de Bierger zesumme gemaach gëtt.
- Nëmme zesumme kënnen mir hei en Duerfkär réaliséieren dee mat Liewe gefëllt a wou ee gären ass.

2.4 Bau vun engem Parkhaus bei den Aktivitéitszonen

- An Zesummenaarbecht mat engem private Promoteur soll e Parkhaus bei den Aktivitéitszone réaliséiert ginn, dat och als P&R fir den Tram funktionnéiere kéint.
- Et soll esou no wéi méiglech bei d'Autobunn kommen an d'Ausfaarte sollen sou réaliséiert ginn, datt d'Autoen net a Richtung Uertschaft, mee direkt a Richtung Autobunn fueren.
- D'Leit gi mat enger Navette bis bei hir Aarbechtsplaz gefouert.



- Zesumme mat engem Parking résidentiel soll esou d'Parkproblematik an den Aktivitéitszonen a virun allem am Duerf geléist ginn.
- Dëst ass en ambitiësen Projet dee schwierig ze réaliséieren ass. Mir sinn iwwerzeegt, dass de Bau vun engem Parkhaus eng Noutwendegkeet ass a séier muss réaliséiert ginn, éier keng gëeegent Plaz méi duerfir do ass.

2.5 Bau vun der Unterführung „Um Schass“

- Bis viru e puer Joer konnt ee vun der Rue de la Vallée iwwert eng Barrière direkt bis an d'Rue des Celtes zu Märel fueren. Zanter dem Ausbau vun der Zuchstreck Lëtzebuerg-Péiteng ass dëst net méi méiglech.
- An Zesummenaarbecht mat der CFL an dem zoustännege Ministère soll hei eng Léisung fonnt ginn, fir dass dës Unterführung ka réaliséiert ginn an d'Leit vum Schléiwenhaff och zu Spëtzenstonne séier an d'Stad kommen.

2.6 Ëmsetzung vu Mesuren déi zur Verkéisersberouegung bäidroen

- Mir setzen eis bei den zoustännege Autoritéite fir de Reamenagement vun der Autobunnssortie „Am Bann“, wann ee vun Esch kënnt an no léns a Richtung Leideleng fuere wëllt, an. Do kéint z.B. eng rout Luucht installéiert ginn. Aktuell ass et an de Spëtzenstonne ganz schwierig do eraus ze kommen, wouduerch vill Leit d'Autobunn scho bei der Sortie beim ale Waassertuerm verloossen an dann duerch d'Duerf a Richtung Aktivitéitszone fueren.
- Op deene Plaze wou een an d'Duerf era kënnt, sollen zousätzlech zu de besteende Geschwindekeetsanzeige sougenannt Bremsschwellen / Ralentisseuren installéiert ginn.
- Geféierlech Kräizunge sollen duerch Spigelen, déi den Automobilisten eng besser Iwwersicht iwwert de Verkéier ginn, entschäerft ginn.
- Bei geféierlechen Ausfaarten op eng Haaptstrooss, beispillsweis an der Rue de la Montée souwéi an der Aler Strooss, setze mer eis bei den zoustännege Autoritéite fir d'Schafe vun enger rietser Virfaart an.

2.7 Schafe vun engem Wee fir Foussgänger vun der Rue de la Vallée bis op de Feldwee bei der Zéissengerbaach

- Aktuell muss ee ronn 500 m iwwert d'Strooss goen, wann ee vun der Rue de la Vallée bis op de Feldwee wëll kommen, dee laanscht d'Zéissengerbaach geet.
- Dëse Feldwee ass e beléifte Spadséierwee, mee d'Streck bis dohinner ass relativ geféierlech, Grond firwat hei ee Wee fir Foussgänger soll réaliséiert ginn.

2.8 Ausbau vun de Spadséierweeër an de Bëscher

- D'Spadséier- a Mountainbikesweeër an de Bëscher sollen ausgebaut a verbonne ginn.



3. Wunnen

Et wäert landeswäit héchstwahrscheinlech kee Wahlprogramm gi wou e net thematiséiert gëtt – de bezuelbare Wunnraum. Och zu Leideleng ass an de leschte Joren an deem Zesummenhang vill versprach a wéineg realiséiert ginn, wat zum Deel allerdéngs och un nationale Restriktiounen louch.

Eis Politik setzt d'Wunne ganz uewen op d'Agenda a mir sinn entschloss déi hei proposéiert Mesuren och konsequent ëmzesetzen. Eis Kanner mussen d'Méiglechkeet hunn zu Leideleng wunnen ze bleiwen. Doriwwer eraus kann esou och déi enorm Diskrepanz tëscht Leit déi zu Leideleng wunnen a Leit déi do schaffe reduzéiert ginn. Wat méi Leit déi an den Aktivitéitszone schaffen och zu Leideleng wunnen, wat mer manner Berufsvérkéier hunn.

3.1 Realisatioun vum Wunnensbau-Projet "Place du Lavoir"

- Den ale Pompjeesbau, déi al Gemengen-Atelieren an déi ugrenzend Haiser sollen ofgerappt ginn a Plaz maache fir e groussen Ensembel dee sech, an doropper leeë mer vill Wäert, harmonesch an d'Gesamtbild vun der Gemeng afüügt.
- De Projet soll op Basis vun engem Bail emphytéotique realiséiert ginn. Konkret heescht dat, dass ee just d'Mauern, net awer den Terrain keeft. Den Terrain gëtt iwwer e Bail emphytéotique verlount, an der Reegel iwwer 99 Joer, dëst zu engem moderate Präis. D'Gemeng bleift Propriétaire vum Terrain. Doduerch ass de Präis vun de Wunnunitéite ronn 40 % méi niddreg ewéi wann een den Terrain och kafe misst.
- Dëse Projet soll ee Mehrgenerationenhaus sinn, an deem nieft Famillje mat Kanner och eeler Leit a Studente wunnen. E gewëssenen Undeel vun de Wunnenge soll fir Wunnengemeinschaften (WG) geeegent sinn.
- An Zesummenaarbecht mam Fonds du Logement oder der SNHBM soll och soziale Wunnraum geschaf ginn. Dëst erméiglecht et, Subside vum Staat ze kréien an de Präis weider ze drécken.

3.2 Fäerdegstelle vum neie PAG

- De neie PAG (plan d'aménagement général) muss esou séier wéi méiglech fäerdeg gestallt ginn.
- Fir d'Präisser ze drécke soll dee neie PAG erlabe méi dicht an och méi héich ze bauen.
- De ländleche Charakter vun der Gemeng däerf awer net verluer goen, dat heescht nei Lotissementer sollen un déi bestoend Architektur ugepasst sinn.

3.3 Konsequent Uwendung vun de neie Wunnensbau-Instrumenter vun der Regierung

- Folgend Instrumenter wëlle mer gezielt notze fir bezuelbare Wunnraum zu Leideleng ze schafen:
- Baulandvertrag: Terrainen déi nei an de Bauperimeter kommen, mussen dem Gesetz no mat engem Baulandvertrag beluecht ginn. An deem Vertrag muss eng Frist festgeluecht ginn, bannent där den öffentleche Raum (z.B. Bau vu Stroossen, Spillplazen, etc.) erschloss gi si muss. Ass no zwee Joer kee Baulandvertrag tëscht Gemeng a Propriétaire gemaach ginn, gëtt den Terrain automatesch reklasséiert, dat heescht aus dem Bauperimeter erausgeholl.
- Doriwwer eraus kann am Baulandvertrag eng „promesse unilatérale de vente“ festgeluecht ginn. Hält de Bauhär déi am Baulandvertrag festgeluechte Frist net an, kann d'Gemeng den Terrain zu deem am Baulandvertrag festgeluechte Präis kafen.
- Remembrement ministériel: Dës Prozedur erlaabt et, bei der Realisatioun vun engem Projet op engem Areal mat méi wéi engem Propriétaire, d'Grenze vun den Terrainen esou ze veränneren, dass beispillsweis eng Strooss ka gebaut ginn. Aktuell ass et esou, dass wann de Propriétaire vun deem Terrain, op deem d'Strooss verlafte soll, net matmaache wëll, de ganze Projet näischt gëtt, well d'Areal net erschloss ka ginn.
- Obligation de construire: Dëst Instrument erlaabt dem Gemengerot duerch e Beschluss, e Propriétaire dozou ze obligéieren, säin Terrain ze bebauen. Geschitt bannent dräi Joer näischt, muss eng Taxe bezuelt ginn. Dës Recette wäerten integral fir soziale Wunnensbau genotzt ginn.

4. Gemengeservicer

Leideleng ass eng kleng Gemeng, mee dëst däerf keng Ausried sinn, wann et ëm de Service um Bierger geet.

4.1 Kreatioun vun engem neien Internetsite

- De Layout vum Site leudelange.lu ass net méi zäitgeméiss a muss iwwerschaft a méi benutzerfrëndlech ginn.
- Besser Informatioun iwwer d'Notzung vu Gemengeservicer op guichet.lu.
- Erhéijung vun der Unzuel u Gemengeservicer déi online ugebuede ginn. Dozou gehéiert och, dass eng Rechnung déi ee vun der Gemeng kritt mat Digicash ka bezuelt ginn.
- Kreatioun vun enger Online-Newsletter an enger Facebook-Säit.
- D'Online-Meckerkëscht, déi schonns existéiert soll méi bekannt gemaach an et soll och zäitno op Ureegung geäntwert ginn.
- Iwwer Online-Petitiounen sollen d'Bierger d'Méiglechkeet kréien, Virschléi fir Diskussiounspunkten am Gemengerot ze maachen (nom Virbild vun de Chambers-Petitiounen).

4.2 Aféiere vun enger Biergerspriedstonn

- Ee Mol de Mount soll eng Biergerspriedstonn statt fannen.
- Diskussioun iwwer Problemer mam Schaffen- a Gemengerot.

4.3 Opmaache vun der Gemeng och Samschdes Moies

- Vill Leit hu berufflech bedéngt an der Woch keng Zäit op d'Gemeng ze goen.
- Aus deem Grond wëlle mer dass d'Gemeng zwee Mol am Mount och Samschdes Moies op ass.

5. Ëmwelt

5.1 Subside fir energieeffizient Bauen

- Privatleit déi een neit, energieeffizient Haus bauen, respektiv en aalt Haus energieeffizient renovéieren, solle vun der Gemeng e weidere Subside kréien, nieft deem, deen se vum Staat kritt hunn.

5.2 Fërderung vun der Elektromobilitéit

- Zousätzlech zu deene véier schonns geplangten Opluetstatiounen fir Elektroautoen, solle weider Statiounen installéiert ginn, allerdéngs eréischt ab deem Moment, wou och e Besoin do ass.
- Elektrifizéierung vum Gemengefuwpark do, wou et wirtschaftlech Sënn mécht an eréischt wann d'Technologie ausgeräift ass.
- De Kaf vun engem E-Bike soll vun der Gemeng subventionéiert ginn.

5.3 Energiemonitoring a konsequent Fërderung vun erneierbaren Energien

- Duerchféiere vun engem Energiemonitoring an den öffentleche Gebaier vun der Gemeng, fir déi Plazen ze lokaliséieren wou Energiespuermesuren Sënn maachen.
- Ëmsetzung vu Mesuren op deene Plazen.
- Solarzelle sollen an Zukunft net nëmmen um Daach vun engem Gebai erlaabt ginn, soulaang sécher gestallt ass, dass d'Landschaft net verschandelt gëtt.
- Leideleng ass eng vun de wéinege Gemengen am Land wou d'Regierung erlaabt d'Geothermie ze notzen. Dëst soll an Zukunft och gemaach ginn.
- Aner erneierbar Energien (Wand, Biomass, etc.) solle méi wéi bis elo ënnerstëtzt ginn.

5.4 Commune „Zéro Déchet“ – Reduzéierung vun Offall

- Sensibiliséierung vun der Bevëlkerung a besonnesch vun deene ganz Jonke fir d'Thema nohaltege Entwécklung.
- Ëmsetze vu Mesuren fir den Offall ze reduzéieren. Hei soll enk mat den zoustännege Ministèren zesumme geschafft ginn.
- De Botztag an der Natur soll nees agefouert ginn, dëst mam Zil d'Leit fir dëst Thema ze sensibiliséieren.
- De Pabeier-Verbrauch soll reduzéiert ginn: All Bierger soll ugi kënnen op en d'Informatiounen vun der Gemeng gären digital oder weiderhin per Post hätt.
- De Recycling-Park soll en zousätzleche Container kréie, fir Saachen déi nach an engem gudden Zoustand sinn an déi aner Leit gratis mathuelen dierfen.

5.5 Erweiderung vun den Öffnungszäite vum Recycling-Park

- Nieft erweiderten Öffnungszäite wëlle mer de Recycling-Park ausbauen, mam Zil eng Rei méi Servicer ubidden ze kënnen. De Recycling-Park kéint eventuell op eng nei, méi geeegent Plaz plëneren.



6. Education & Kultur

6.1 Optimal Notzung vun der neier Maison Relais a Spillschoul

- Héichwäerteg Betreuung während de schoulfräien Zäiten an an de Vakanz.
- Ubidde vu lokal hiergestalltem, gesondem & regionalen lessen.
- Ubidde vu Vakanzenaktivitéiten an der Maison Relais an all Vakanz, net just am Summer.
- Dës Vakanzenaktivitéiten dierfen net just eng Garderie fir d'Kanner sinn, et sollen interessant Ausfluch a verschidden Atelier'en ugebuede ginn.
- D'Vakanzenaktivitéite sollen och accessibel si fir Kanner déi net an der Maison Relais ageschriwwen sinn.

6.2 Aféiere vun engem Pedibus a Kreatioun vun engem Kiss & Go bei der Schoul

- Beim Pedibus ginn d'Kanner vun all Altersgrupp, besonnesch awer déi ganz Jonk, vun enger Persoun vun diversen „Haltestellen“ am Duerf ofgeholl a ginn dann zu Fouss an d'Schoul begleet.
- De Kiss & Go ass eng Zort Bus-Arrêt fir Autoen. Dësen Arrêt erméiglecht et, fir d'Kanner op eng sécher Aart a Weis bei d'Schoul / Maison Relais ze bringen. Mir sinn awer der Meenung, dass Kanner déi d'Méiglechkeet hunn de Schoulbus respektiv Pedibus ze huelen, dat och maache sollen.

6.3 Erhéijung vun de Veräinssubsiden

- Besser Förderung vun den Aktivitéite vun de Veräiner duerch eng Erhéijung vun de Subsidien.
- Finanziell Ënnerstëtzung vu grouse Veräins-Evenementer.

6.4 Eng Partnergemeng fir Leideleng

- Ustriewe vun engem Jumelage mat enger anerer europäescher Gemeng an Zesummenaarbecht mat der Europäescher Unioun.
- D'Schoulklasse kréien d'Méiglechkeet a regelméissegem Kontakt mat de Schoulklasse vun eiser Partnergemeng ze stoen an och d'Veräiner kënnen vun engem Austausch mat de Veräiner aus der Partnergemeng profitéieren.
- Och op politeschem Plang soll zesumme geschafft ginn.
- "L'idée de l'Europe" muss nees mat Liewe gefëllt gi – mir wëllen eisen Deel dozou bäidroen.

7. Sécherheet

7.1 Aféiere vun engem „Neighbourhood Watch Program“ an erhéichte Präsenz vun de Beamten um Terrain

- D'Gemeng grënnt eng Grupp vu Noperen an all Quartier (op fräiwëlleger Basis). D'Memberen aus där Grupp versichen an hirer Noperschaft d'Kriminalitéit an de Vandalismus ze verhënneren, dëst andeems se der Police opfälleg Saache mellen. De „Neighbourhood Watch Program“ géif deemno an Zesummenaarbecht mat der Police duerchgefouert ginn. Sou Programmer goufen an Irland a Groussbritannien mat Succès ëmgesat.
- Leideleng ass neierdénks Member vum Kommissariat „Porte du Sud“, wat méi e grousst Kommissariat ass ewéi virdrun. Mir setzen eis fir eng erhéichte Präsenz vun de Beamten um Terrain an.

7.2 Realisatioun vun engem Parking résidentiel

- Well an den Uertschafte vill Leit parken déi net do wunnen, soll e Parking résidentiel agefouert ginn, fir d'Parkproblematik ze reduzéieren.
- Gläichzäiteg soll och en Agent Municipal agefouert ginn, deen duerfir suergt, dass déi nei Reegelen och agehale ginn.

8. Integratioun

8.1 Verbesserung vun der Integratioun vu neien Awunner

- Neien Awunner soll e „Welcome Pack“ zur Verfügung gestallt ginn, en Dossier mat prakteschen Informatiounen ronderëm d'Gemeng.
- Besser Promotioun vun den Evenementer vun de Veräiner bei eisen auslännesche Matbierger an Zesummeschaffe vun der Gemeng mat de Veräiner fir d'Integratioun vu neie Matbierger ze verbesseren.
- Ustriewe vu 50 % Auslänner an der Integratiounskommissioun.
- Aféiere vun „Ambassadeurs de voisinage“: Accueil vu neien auslännesche Matbierger duerch e Réseau vu Bénévolens déi se beroden a begleeden, wann dat gewünscht ass.
- Méi Lëtzebuerger Sproochecoursen ubidden an och Leidelenger Themen an d'Coursen abréngen.

8.2 Égalité des chances

- Ustriewe vun enger Erhéijung vun der Unzuel u Fraen an de Kommissiounen an och beim Gemengepersonal.



Eis Kandidaten



Patrick Calmus

"Nei Weeër fir eng Mobilitéit déi Freed mécht"

Enseignant am Secondaire
49 Joer, Leideleng



Guy Folschette

"D'Sécherheet geet vir"

Gemengebeamte VdL
51 Joer, Leideleng



Siobhan Harris-Ronan

"Fir eng gelongen Integratioun vun eisen aktuellen an zukünftigen Awunner"

Économiste CSSF
46 Joer, Leideleng



Marcel Jakobs

"Sech fir d'Besoine vun den eelere Leit asetzen"

Staatsbeamten a.P.
62 Joer, Leideleng



Lou Linster

"Wunnen zu Leideleng och fir jonk Leit nees méiglech maachen"

Ingenieur (M.Sc.)
25 Joer, Schléiwenhaff



Marta Manucci

"Fir eng Gemeng déi Wäert op d'Zukunft vun eise Kanner leet"

Employée de banque
47 Joer, Leideleng



Lucie Morel

"Mat innovativen Iddien ëmweltbewosst handelen"

Enseignante am Secondaire
30 Joer, Leideleng



Jean-Pierre Roemen

"Fir eng vereinfacht Biergerbedeelegung an eiser Gemeng"

Droit-Student
20 Joer, Schléiwenhaff



Marc Schartz

"Aus dem Duerfkär nees eng Platz maache wou ee gären ass an sech wuelfillt"

Gemengebeamte VdL
40 Joer, Leideleng

1. Mobilité

Les transports publics à Leudelange doivent être améliorés, afin de réduire le trafic au sein de la commune. Nous proposons certaines mesures, afin d'atteindre ce but. Nous n'envisageons cependant pas d'introduire de restrictions concernant l'utilisation de la voiture pour les habitants de Leudelange.

1.1 Mise en place d'une navette entre la gare de Leudelange, le village et les zones d'activités

- Ce trajet est actuellement assuré par la ligne 226, qui n'est pas ponctuelle aux heures de pointe, du fait que le trajet de cette ligne passe également à travers Bertrange, la Cloche d'Or et Howald.
- L'utilisation de la gare de Leudelange sera encouragée, grâce à une navette qui circulera exclusivement sur le territoire de la commune.
- La navette devrait ainsi être plus ponctuelle que la ligne 226.
- Ceci n'est pas seulement attractif pour les citoyens de Leudelange, mais également pour les personnes travaillant dans les zones d'activités.
- Grâce au nouvel arrêt Pont Rouge et au tram qui circulera de cet arrêt jusqu'à la Luxexpo, il sera possible d'accéder à chaque point du Kirchberg en 20 à 25 minutes – soit beaucoup plus rapidement qu'en voiture aux heures de pointe.
- Nous n'abolirons cependant pas la ligne 226.

1.2 Extension du tram jusqu'à Leudelange-Edeleck

- La réalisation de la ligne de tram Cloche d'Or – Leudelange est prévue dans le plan sectoriel transport (PST) du gouvernement.
- Selon nous, le tram est la seule possibilité de résoudre les problèmes liés à la circulation dans les zones d'activités et par conséquent dans le village.
- Selon le ministre des transports François Bausch, un bus à haute capacité pourrait être réalisé à la place du tram, ce qui obligerait les passagers de changer le moyen de transport à la Cloche d'Or.
- Nous nous engageons à ce que le tram soit étendu jusqu'à Leudelange-Edeleck et que la réalisation débute en 2021 et non pas qu'en 2030. Les problèmes de transport doivent être résolus le plus vite possible.

1.3 Mise en place d'un Late Night Bus

- Vendredi et samedi, un Late Night Bus assurera une liaison entre la Ville de Luxembourg et Leudelange après minuit. Cette navette sera réalisée en collaboration avec une commune avoisinante.
- Lors de grands événements (Piccadilly, bal de carnaval, fêtes étudiantes, etc.), nous désirons également mettre en place une ligne de bus spéciale, comme cela est déjà le cas dans plusieurs autres communes.

1.4 Installation de panneaux d'affichage en temps réel des horaires de bus

- Comme en ville, les arrêts de bus doivent être équipés avec des panneaux d'affichage en temps réel des horaires de bus, où l'on peut voir à la minute près quand le prochain bus arrivera.
- Les usagers pourront ainsi connaître le temps d'attente jusqu'au prochain bus, même aux heures de pointe.

1.5 Connexion au réseau Vel'oh VdL

- Réalisation d'une piste cyclable sans interruption de la commune, à travers la rue de Cessange et les zones d'activités Am Bann et Gräsbesch jusqu'à Cessange-Kohlenberg.

Installation de stations Vel'oh auprès de la commune, dans la rue de Cessange et les zones d'activités, ainsi qu'au Kohlenberg à Cessange.

- À partir de 2018, des E-Bikes seront également disponibles dans la flotte Vel'oh, grâce auxquels des trajets plus longs, comme celui de Leudelange jusqu'en ville, pourront être réalisés de façon confortable.
- Dans une deuxième phase, nous voulons réaliser une piste cyclable de Leudelange-Edeleck jusqu'à la Cloche d'Or, ceci en même temps que la réalisation de l'extension du tram à Leudelange



2. Infrastructure

Insuffler une nouvelle vie au centre du village est une de nos priorités. Nous souhaitons atteindre ce but par une transformation du centre du village en impliquant bien sûr les citoyens. D'autres projets tels que la réalisation du CIPA près de la Villa Eugénie, ainsi que la réalisation de la deuxième phase du projet « Nouvelle École » seront au centre de nos priorités. Point de vue réduction du trafic, nous proposons quelques mesures, ayant pour but de maîtriser la problématique de la circulation.

La réalisation d'un contournement de Leudelange ne se trouve pas dans notre programme. Il y a quelques années, un tel projet existait qui aurait permis un allègement du trafic sur la Rue de Luxembourg. Cependant le ministère nous a confirmé que ce projet n'est pas réalisable à moyen terme.

2.1 Réalisation du CIPA près de la Villa Eugénie

- La réalisation d'un „Centre intégré pour personnes âgées“ près de la Villa Eugénie est une de nos priorités, puisque ce projet est déjà prévu depuis longtemps.
- Au cas où une chambre se libère, les habitants de Leudelange doivent avoir un accès prioritaire.

2.2 Réalisation de la deuxième phase du projet « Nouvelle école »

- La deuxième phase du projet « Nouvelle école » doit être réalisée, dès que l'accroissement de la population la rend nécessaire.

2.3 Création d'une zone de rencontre au centre du village

- Zone à trafic limité / « Shared Space » (p.ex. installation de bancs et d'arbres).
- Réaménagement de la Place du Lavoir.
- Puisque ce projet aura une forte influence sur l'apparence et la qualité de vie dans notre village, nous souhaitons donner la possibilité à chaque citoyen intéressé de pouvoir participer à la discussion et d'introduire ses idées. Nous n'imposerons pas un projet élaboré à huis clos.
- C'est d'ailleurs ce que nous entendons par une politique communale moderne qui est faite en collaboration avec les citoyens.
- C'est avec la participation du plus grand nombre de Leudelangeois que nous serons capables de réaliser un centre du village qui sera rempli de vie et où l'on aimera bien passer son temps.

2.4 Construction d'un parking près des zones d'activités

- En collaboration avec un promoteur privé, nous désirons réaliser un parking près des zones d'activités, qui pourrait aussi être utilisé comme P&R pour le tram.
- Ce parking doit être construit le plus près possible de l'autoroute et les sorties doivent être réalisées de telle façon que les voitures soient déviées vers l'autoroute et non en direction du village.
- Une navette conduira les utilisateurs près de leur lieu de travail.

- Conjointement avec la réalisation d'un parking résidentiel, ce parking résoudra en grande partie la problématique du trafic au sein du village.
- Ceci est un projet ambitieux et difficile à réaliser. Nous sommes néanmoins convaincus, que la construction d'un parking est nécessaire et doit être réalisée rapidement, avant qu'il n'y ait plus de site adapté disponible.

2.5 Construction du passage souterrain « Um Schass »

- Il y a quelques années, il était possible d'accéder à la Rue des Celtes à Merl via la Rue de la Vallée en passant par une barrière. Depuis l'extension de la ligne Luxembourg-Pétange ceci n'est plus possible.
- En collaboration avec les CFL et le ministère responsable, nous voulons trouver une solution, afin que ce passage souterrain puisse être réalisé et que les habitants du Schlewenhof puissent accéder à la ville rapidement, même aux heures de pointe.

2.6 Mise en œuvre de mesures destinées à réduire le trafic

- Nous nous engageons à nous mettre en contact avec les autorités responsables pour planifier un réaménagement (feu rouge par exemple) de la sortie d'autoroute Leudelange Nord / « Am Bann » direction Luxembourg sur la N4. En effet la situation actuelle a pour conséquence que beaucoup d'automobilistes préfèrent emprunter la sortie Leudelange sud et traversent ainsi tout le village pour accéder aux zones d'activités. Ceci n'est plus tenable à l'avenir.
- Aux entrées du village, nous désirons installer des ralentisseurs complémentaires aux indicateurs de vitesse qui s'y trouvent déjà.
- Des croisements dangereux pourront être rendus plus sûrs grâce à des miroirs qui donnent aux automobilistes un meilleur aperçu de la circulation.
- En ce qui concerne les sorties dangereuses, comme celle de la Rue de la Montée ou de la « Al Strooss », nous nous engagerons auprès des autorités responsables pour demander la mise en place d'une priorité à droite.

2.7 Création d'un chemin pour piétons de la Rue de la Vallée jusqu'au chemin de campagne près de la « Zéissengerbaach »

- Actuellement il faut traverser la route pendant 500 m, lorsqu'on désire accéder au chemin de campagne près de la « Zéissengerbaach » à partir de la Rue de la Vallée.
- Ce chemin de campagne est un chemin de randonnée populaire, mais le trajet pour y accéder est plutôt dangereux, raison pour laquelle nous désirons créer un chemin pour piétons à cet endroit.

2.8 Extension des chemins de randonnée dans les forêts

- Les chemins de randonnée et de VTT doivent être étendus et reliés l'un à l'autre.



3. Logement

Il n'y aura probablement pas de programme électoral où il ne sera pas thématique – le logement abordable. À Leudelange beaucoup a été promis et seulement peu a été réalisé dans ce contexte, ce qui est cependant partiellement dû à des restrictions nationales.

Notre politique donnera une place importante au logement et nous sommes déterminés à réaliser les mesures proposées ci-dessous. Nos enfants doivent avoir la possibilité de rester à Leudelange une fois qu'ils quittent la maison parentale. De plus la divergence énorme entre personnes qui résident à Leudelange et qui y travaillent peut être réduite grâce à de nouveaux logements. Si plus de personnes travaillant dans les zones d'activités habitent également à Leudelange, le trafic lié aux activités professionnelles sera réduit.

3.1 Réalisation du projet de logement « Place du Lavoir »

- Le vieux poste de pompiers, les anciens ateliers communaux ainsi que les maisons avoisinantes doivent être démolis et faire place à un grand ensemble qui s'intègre de façon harmonieuse dans la vue d'ensemble de la commune, ce qui nous est très important.
- Ce projet sera réalisé à base d'un bail emphytéotique. Autrement dit on achète uniquement les murs, mais non pas le terrain. Le terrain est loué au moyen d'un bail emphytéotique, qui dure en général 99 ans. Les coûts de location du terrain sont modestes. La commune reste donc propriétaire du terrain. Ainsi, puisqu'il ne faut pas acheter le terrain, le prix des logements est réduit d'environ 40%.
- Il s'agit d'une maison intergénérationnelle, dans laquelle vivent des familles avec des enfants, des personnes âgées, ainsi que des étudiants. Une partie des logements sera destinée à des colocations.
- En collaboration avec le Fonds du Logement et la SNHBM, des logements sociaux y seront également créés. Ainsi, la construction est subventionnée par l'État, ce qui baisse également le prix des logements.

3.2 Finalisation du nouveau PAG

- Le nouveau PAG (plan d'aménagement général) doit être finalisé le plus vite possible.
- Afin de baisser les prix, le nouveau PAG doit permettre de construire plus de façon dense et plus haute.
- Cependant le caractère rural de la commune doit être préservé à tout prix, raison pour laquelle l'architecture de nouveaux lotissements doit être adaptée à l'architecture existante.

3.3 Application conséquente des nouveaux instruments de logement du gouvernement

- Nous voulons utiliser les instruments suivants de façon ciblée afin de créer des logements abordables à Leudelange :
- Contrat d'aménagement dit « Baulandvertrag »: La conclusion d'un contrat administratif est obligatoire pour les terrains devenus constructibles suite à une modification de la délimitation d'une zone verte dans le cadre d'une modification du PAG. Ce contrat doit définir le délai dans lequel le terrain pourra être viabilisé (p.ex. construction de rues, d'aires de jeu, etc.). Si deux ans après la modification du PAG aucun contrat entre la commune et le propriétaire n'a été conclu, le terrain est automatiquement rétrogradé à son classement précédent.
- De plus une promesse unilatérale de vente peut être introduite dans ce contrat. Au cas où le propriétaire dépasse le délai prévu dans le contrat, la commune peut acheter le terrain à un prix fixé dans le contrat.
- Remembrement ministériel : Cette mesure donne la possibilité au ministre de l'Intérieur d'élaborer un projet de remembrement à la demande de la commune. Ceci permet de reporter les limites de terrain de telle façon que p.ex. une rue puisse être construite. Actuellement, si un des propriétaires des terrains par lesquels doit passer une rue ne veut pas participer au projet, le projet entier ne peut pas être réalisé du fait que la zone prévue ne peut pas être viabilisée.
- Obligation de construire : Cet instrument permet au conseil communal de contraindre, au moyen d'une délibération, un propriétaire n'ayant pas de projet pour son terrain d'agir endéans trois ans, sous peine de s'exposer à des taxes. Ces recettes seront utilisées intégralement pour la construction de logements sociaux.

4. Services communaux 5. Environnement

Leudelange est une petite commune, mais ce fait ne doit pas être une excuse en ce qui concerne le service aux citoyens.

4.1 Création d'un nouveau site internet

- Nouvelle mise en page du site leudelange.lu.
- Plus d'informations concernant l'utilisation de services communaux via le biais de guichet.lu.
- Augmentation du nombre de services communaux en ligne. Ceci comprend également la possibilité de payer les factures communales au moyen de Digicash.
- Création d'une newsletter en ligne et d'une page Facebook.
- Le système de „Formulaire de réclamation en ligne“ qui existe déjà doit être rendu plus accessible et il faut que les délais de réponse deviennent plus courts.
- Au moyen de pétitions en ligne, les citoyens auront la possibilité de faire des propositions pour des sujets qui seront discutés au sein du conseil communal.

4.2 Organisation d'un « rendez-vous citoyens »

- Une fois par mois un „rendez-vous citoyens“ sera organisé.
- Discussion de problèmes avec les membres du conseil communal.

4.3 Ouverture de la commune le samedi matin deux fois par mois

- Beaucoup de personnes n'ont pas le temps d'aller à la commune au cours de la semaine pour des raisons professionnelles.
- Pour cette raison la commune doit ouvrir ses portes deux fois par mois le samedi matin.

5.1 Subsidés pour la construction de maisons basse consommation

- Des particuliers qui construisent une maison basse consommation respectivement qui rénovent une vieille maison de façon à ce qu'elle consomme moins d'énergie, obtiendront un subside supplémentaire de la commune, qui s'ajoute à celui qu'ils ont obtenu de l'État.

5.2 Promotion de l'électromobilité

- Complémentaire au quatre bornes de recharge prévues, des stations supplémentaires seront installées à partir du moment où il y a un besoin.
- Électrification du parc de véhicules communaux, mais seulement là où cela a un sens d'un point de vue économique et à partir du moment où la technologie est arrivée à maturation.
- L'achat d'un E-Bike sera subventionné par la commune.

5.3 Bilan énergétique et promotion conséquente des énergies renouvelables

- Établissement d'un bilan énergétique dans les bâtiments public de la commune, afin de localiser les endroits où des mesures d'économie d'énergie peuvent être réalisées.
- Exécution de mesures à ces endroits.
- À l'avenir, les panneaux solaires ne doivent pas uniquement être autorisés sur le toit d'un immeuble, aussi longtemps qu'il est assuré que le paysage n'est pas gâché.
- Leudelange est une des rares communes où il est autorisé d'utiliser la géothermie. Il s'agit maintenant de réaliser cette possibilité.
- D'autres énergies renouvelables (p.ex. l'énergie éolienne, la biomasse, etc.) doivent être supportées plus que cela n'est le cas actuellement.

5.4 Vers une commune « Zéro Déchet »

- Sensibilisation de la population et surtout des enfants très jeunes pour le sujet du développement durable.
- Exécution de mesures afin de réduire les déchets en collaboration avec les ministères responsables.
- La journée de nettoyage de la nature « Botztag » doit de nouveau être introduite, ceci avec le but de sensibiliser les habitants pour ce sujet.
- Afin de réduire la consommation de papier, chaque citoyen doit pouvoir indiquer s'il désire recevoir ses informations de la commune par voie postale ou par courriel.
- Le parc de recyclage obtiendra un conteneur supplémentaire, pour des objets qui sont encore en bon état et que les gens peuvent emmener gratuitement.

5.5 Extension des horaires d'ouverture du parc de recyclage

- Non seulement voulons nous que les horaires du parc de recyclage soient étendus, mais nous voulons aussi agrandir le parc de recyclage, ceci avec le but de pouvoir offrir plus de services aux habitants. Le parc de recyclage pourrait éventuellement être déplacé à un nouveau lieu plus adapté.



6. Éducation & Culture

6.1 Utilisation optimale de la nouvelle maison relais et de l'école maternelle

- Encadrement de haute qualité des enfants après l'école et pendant les vacances.
- Offre de plats cuisinés sur place, sains et à base de produits régionaux.
- Offre d'activités de vacances dans la maison relais pendant toutes les vacances, pas seulement pendant les vacances d'été.
- Ces activités de vacances ne doivent pas uniquement être une garderie pour les enfants, mais il faut y offrir des excursions et ateliers intéressants.
- Les activités de vacances doivent aussi être accessibles pour des enfants qui ne sont pas inscrits dans la maison relais.

6.2 Mise en place d'un Pedibus ainsi que d'un Kiss & Go près de l'école

- D'après le concept Pedibus, un responsable vient chercher les enfants de chaque groupe d'âge, mais surtout les très jeunes, auprès de différents arrêts dans le village et les accompagne à l'école.
- Le Kiss & Go est une sorte d'arrêt de bus pour les enfants. Cet arrêt permet de déposer en voiture les enfants à l'école / maison relais en toute sécurité. Cependant nous sommes d'avis que chaque enfant qui a la possibilité de prendre le bus scolaire respectivement le Pedibus, doit le faire.

6.3 Augmentation des subsides pour les associations

- Meilleure promotion des activités des associations grâce à une augmentation des subsides.
- Soutien financier de grands événements organisés par les associations locales.

6.4 Un jumelage pour Leudelange

- En collaboration avec l'Union Européenne, nous désirons créer un jumelage avec une autre commune européenne.
- Les classes scolaires auront la possibilité d'être régulièrement en contact avec les classes de notre commune jumelée. Les associations locales pourront également profiter d'un échange avec les associations de la commune jumelée.
- Collaboration également sur le plan politique.
- « L'idée de l'Europe » doit de nouveau être un projet réel et vivant – nous voulons ainsi que la commune favorise et soutienne les initiatives dans ce sens.

7. Sécurité

7.1 Mise en place d'un « Neighbourhood Watch Program » et présence augmentée des autorités sur le terrain

- La commune fondera un groupe de voisins dans chaque quartier (sur la base du bénévolat). Les membres de ces groupes essaient de réduire la criminalité et le vandalisme dans leur voisinage en signalant des événements suspects à la police. Le « Neighbourhood Watch Program » sera par conséquent exécuté en collaboration avec la police. De tels programmes ont été instaurés en Irlande et au Royaume-Uni avec succès.
- Leudelange est depuis peu de temps membre du commissariat de police « Porte du Sud », qui est un commissariat plus grand que celui d'auparavant. Nous nous engageons pour une présence augmentée des autorités sur le terrain.

7.2 Réalisation d'un parking résidentiel

- Puisque beaucoup de gens qui n'habitent pas à Leudelange se garent dans les agglomérations, un parking résidentiel sera instauré, afin de réduire la problématique de stationnement.
- En même temps, un agent municipal sera engagé, qui prendra soin que les règles du parking résidentiel soient respectées.

8. Intégration

8.1 Amélioration de l'intégration de nouveaux habitants

- Élaboration d'un kit de bienvenue pour les nouveaux habitants qui est un dossier contenant des informations pratiques autour de la commune.
- Meilleure promotion des événements des associations locales auprès de nos concitoyens étrangers et collaboration de la commune avec les associations afin d'améliorer l'intégration de nouveaux habitants.
- Nous voulons augmenter le nombre d'étrangers au sein de la commission d'intégration jusqu'à atteindre 50 %.
- Introduction d'ambassadeurs de voisinage : Accueil de nouveaux habitants étrangers par un réseau de bénévoles qui leurs donnent des conseils et les accompagnent au cas où cela est souhaité.
- Augmentation du nombre de cours de luxembourgeois et également discussion des sujets concernant Leudelange au sein des cours.

8.2 Égalité des chances

- Nous visons à augmenter le nombre de femmes au sein des commissions consultatives et auprès du personnel communal.



Nos candidats



Patrick Calmus

« De nouvelles idées pour une meilleure mobilité »

Conseiller communal
Enseignant au secondaire
49 ans, Leudelange



Guy Folschette

« La sécurité d'abord »

Fonctionnaire communal VdL
51 ans, Leudelange



Siobhan Harris-Ronan

« Pour une intégration réussie de nos habitants actuels et futurs »

Économiste CSSF
46 ans, Leudelange



Marcel Jakobs

« S'engager pour les seniors »

Conseiller communal
Fonctionnaire d'État e.r.
62 ans, Leudelange



Lou Linster

« Permettre également aux jeunes d'accéder à un logement à Leudelange »

Ingénieur (M.Sc.)
25 ans, Schlewenhof



Marta Manucci

« Pour une commune qui met l'accent sur le futur de nos enfants »

Employée de banque
47 ans, Leudelange



Lucie Morel

« Agir dans le respect de l'environnement grâce à des idées innovantes »

Enseignante au secondaire
30 ans, Leudelange



Jean-Pierre Roemen

« Pour une participation citoyenne facilitée dans notre commune »

Étudiant en droit
20 ans, Schlewenhof



Marc Schartz

« Faire du centre du village de nouveau un lieu où l'on aime bien passer son temps »

Fonctionnaire communal VdL
40 ans, Leudelange

L17

Zesumme
fir Leideleng



Froestonn

mat

eise Kandidaten

25. September, 19 Auer, Kultur- a Veräinsbau An der Eech

Verkéisersproblematik, Shared Space, Sécherheet:
Dir stellt Froen, d'Kandidaten äntweren!